ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

N°6297
Reçue le 03.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 03.06.2022

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Iechternacher Sprangpressessioun gëtt all Joer op Päischtdënschdeg zu Iechternach ofgehalen an ass zënter 2010 op der UNESCO-Lëscht vum immaterielle Kulturierwe vun der Mënschheet. De Lëtzebuerger Staat ass dann och duerch eng UNESCO-Konventioun verflicht fir all noutwendeg Moossnamen ze ergräife fir d'Sprangpressessioun ze erhalen an ze schützen. Allerdéngs gouf a gëtt vum Willibrordus-Bauveräin a vu ville weidere Bierger a Veräiner dem Minister de Virworf gemaach, datt en sech net géif un dës UNESCO-Konventioun halen, well de schoulfräie Péngschtdënschdeg 2018 vum Minister ofgeschaaft gouf. Zënter deem si just nach d'Schüler aus dem Iechternacher Lycée fräigestallt, déi aner Schüler aus dem Land hunn deen Dag awer d'Recht an der Schoul ze feelen, wa si eng Entschëllegung virweisen. An engem Tageblatt-Artikel vum 28.5.2018 gëtt den Här Minister esou zitéiert: "*Jeder, der springen gehen will, darf das auch tun", sagte Meisch – und das sei auch gut so*."

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Fro stellen:

1) Huet och d'Léierpersonal, a besonnesch déi betraffe Persounen, déi aus dem Raum Iechternach stamen oder do wunnen, d'Recht fir op Péngschtdënschdeg un der Sprangpressessioun deelzehuelen, och da wann deen Dag Schoul ass? Huet d'Léierpersonal also d'Méiglechkeet fir déi eventuell Schoulstonnen op engem Péngschtdënschdeg fräigestallt ze gi fir un der Sprangpressessioun deelzehuelen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6297 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Wat d'Méiglechkeet fir d'Schoulpersonal betrëfft, un der Sprangpressessioun deelzehuelen, sou muss een ënnerscheeden, ob et sech dobäi ëm eng Participatioun am Kader vun engem Schoulprojet oder ëm eng privat Initiativ handelt.

A menger Instruktioun vum 5. Mee 2022 hunn ech geschriwwen: *« Dans le but de sensibiliser les élèves aux valeurs culturelles locales, une semaine du patrimoine luxembourgeois est fixée du 6 au 10 juin 2022. La procession dansante, qui figure depuis 2010 sur la liste représentative du patrimoine culturel immatériel de l'Humanité, s'inscrit incontestablement dans un tel projet. Si des enseignants d'une école ou d'un lycée se portent organisateurs, la participation à la procession dansante est à considérer comme activité scolaire (…). »* En Enseignant, deen also mat senger Klass un der Sprangpressessioun wëllt deelhuelen, kann dat maachen an ass wärend där Zäit vu sengem Unterrecht fräigestallt.

Wat d'Participatioun op reng privater Basis betrëfft, sou kann den Enseignant net fräigestallt ginn. Mam Accord vum Direkter ass et awer méiglech, un der Pressessioun deelzehuelen, wann den Enseignant seng Unterrechtsstonnen nohëlt. Fir datt keen Unterrecht ausfält, kënnen zum Beispill Enseignanten hir Stonnen tauschen.

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH